



Gemeinsam Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet, a vum Här Jean Asselborn, Aussen-an Europaminister, op d'parlamentaresch Fro n° 6101 vum 25. Abrëll 2022 vum honorabelen Députéierten Fernand Kartheiser

Ad 1):

D'Datebanke vun der Police erméiglechen et net, eng automatiséiert Recherche op Incidenten, déi sech exklusiv op d'russesch Ambassade bezéien, ze maachen.

All Virfall, fir deen d'Police geruff gëtt, an deen e Verstouss géint déi bestoend Legislatioun duerstelt, muss ëmmer de Justizautoritéite gemellt ginn. Ab deem Zäitpunkt sinn d'Justizautoritéiten alléng zoustänneg fir de Suivi vun der Enquête.

Ad 2)

Auslännesch Verriedungen zu Lëtzebuerg ënnerleien engem spezielle Sécherheetsdispositif vun der Police. Dëse Sécherheetsdispositif gëtt kontinuierlech evaluéiert an der jeeweileger Bedrohungslag entsprechend ugepasst.

Lëtzebuerg, den 23. Mee 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX